# Dréi keen Film!

En lëschtegen Dreiakter, geschriwwen vun den Duelemer Explorer a gespillt vun de Pio'en an den Explorer vum Grupp St Martin Duelem. ( Januar 2001)

| | |
|---|---|
| *1 Régisseur* | Ennio Makkaroni, enge italienesche Starregisseur mat enge starke italienesche Akcent an de Sprooch |
| *2 Techniker:23* | Bauen d'Bühn op., den 1ten Techniker schwëtzt kurz am 2ten Akt |
| *4 d'Pamela Andersrum* | dem Regisseur sein Scriptgirl ,eng lackeleg Erscheinung |
| *5 Stevie Spielball* | dem Regisseur sein Assistent |
| *6 Neijoerschdag Alone* | de Rambo Darsteller |
| *7 Pierce Prost-Man* | den James-Bond Darsteller |
| 8 Hans-Dieter Geburt. | dem Pamela Andersrum sei Frënd |
| *9 Kameramann* | setzt hannert der Kamera wann gefilmt gëtt |
| *10 Beleuchter* | setzt hannert de Scheinwerfer wann gefilmt gëtt |
| *11 Barkeeper* | amPios-sketch |
| *12 Wild Bill* | de Cowboy amPios-sketch deen schéisst an drénkt, wéi den James Bond |
| *13 den Doc* | amPios-sketch am Kostume, mat deckem Brëll, mat enger grousser Pocheje e richtegen Doc wéi aus dem Western |
| *14-15 2 Infirmier(èren)* | mussen stark genuch sinn fir den Hans-Dieter erauszedroen |
| *16 Verona Feldmaus* | dem Ennio seng Sekretärin |
| *17 Schmalzlock Holmes* | de Komissär vun der Police Grand ducale, Mann mat enger karéierter Kaap, fëmmt Peif, an huet den Tick alles mat der Lupp ze betruechten |
| *18 James Stackdaaf* | premier maréchal de logis chef bei der Police Grand ducale, leeft mam Bloc dohir, schreift op a mëcht Foto'en |
| *19 Maskenbildner* | Meedchen mam Kosmetikkoffer, pinselt un den Acteuren erëm |
| *20 De Riichter* | de Jäng Mac Hänger, den drakonëschste Riichter vu ganz Santa Fee |
| *21 de Sheriff* | Mathew Killen Junior, genannt Mett |
| *22 Grand Killer Mc Klinck* | een vun den 3 Cowboys déi am 2ten Akt higeriicht solle ginn |
| *23 Jean Van der Belgique* | een vun den 3 Cowboys déi am 2ten Akt higeriicht solle ginn vum Jean soll Nêtt verrode ginn wou hien hier ass. |
| *24 Lollo Ferraira* | eng vun den Tussen aus dem 2ten Akt déi de Colamännchen bewonneren |
| *25 Richard Kleinermann* | de Pianist aus dem Saloon am Dëtten Akt. |

## 1 Akt:

*Um Filmset! Eis Bühn ass angeriicht mat engem Gestell mat Kameraen an engem Gestell wou Spotten drunhänken fir d Beliichtung vum Set ze gestalten! Eran kennt de Régisseur a setzt sech op en Klappstull deen den Assistent hannert him hir dreit! Zwee Assistenten kommen mat engem Desch eran! Den Régisseur leet den Koffer op den Dësch an packt seng Dokumenter aus!Hannendrun laafen Techniker ronderem dei eng Bühn( Saloondësch, Whiskyspender, Glas,...) fir eng Saloonscène opriichten! Eih de Rido opgeet, leeft e Potpourri vu Filmmuseken, Quo Vadis, Star wars, James Bond, Indiana Jones..de Rido geet op:*

*Régisseur: kennt mat sengem Aktekoffer eran,* Dajee, dir Schlofhauwe, machte virun mat de Bühnopriichten, eise grousse Kobeus-Film soll schliesslëch nache an dëse Joerhonnert an de Kino komme

*2 Technike rschleefen en Dësch mat engem Stull drop eran*

*1. Techniker:* waat e Sklavendreiwer, en ale Mann ass dach kee Schnell zuch

*2. Techniker:* oh meih, wär deen do dach nëmmen hannert den Abbruzzen hänke bliwwen, fir Pizza an Pasta ze verkafen.

*Regisseur* *setzt sëch a sei Stull: a fënnt irgendeppes nëtt an der Reih.*

Eih, Ragazzi Techniker, menge Stull a menge Dësch steete nëtt op de richtege Plaatz. Wéi soll ëche dann richteg kucke wann sëch menge neie Kandidaten fir menge grousse Kobeu-Film lo viirstelle kommen.

*Steet op a weist mam Fanger an deen aneren Eck*

Hopp Hopp, avanti, amici, steelt menge Saachen dohin,

*dTechniker réckelen de Miwwel op déi gewënnschte Plaatz , de Regisseur probéiert de Stull aus sprëngt nees op a rifft:*

Porco miserabile, daat ass e nëtt gutt, de Luucht schéngt mir zevill a menge Gesiichte, menge schéine Teint wirkt nëtt bei de Damen wann de Luucht zevill oppe mëch schéngt. Reckelt de Miwel méih doriwwer:

*d'Techniker rësselen de Kapp a schleefen de Miwel op déi gewënschte Plaatz. De Regisseur hëllt Plaatz, leet d'Féiss op den Dësch a räkelt sëch genëssesch, konzentréiert sëch hällt d'Hann un de Kapp a rifft:*

Molto miserabile, hei ass enge negative kosmesche Strahlung, hei kann nëtt de Muse mëch kussen, .....hei kann sëch menge Genie nëtt entfalen, presto, réckelt de Dësch dohinn,

*Hien weist op déi Plaatz, wou de Miwwel fir d'éischt stung, d'Techniker rësselen nach méih de Kapp an droen de Miwwel dohin De Regisseur sprëngt op sei Stull sëtzt sëch a rifft:*

Wonnerbar, menge Frënn, fir waat dann nëtt direkt sou, hei kann ëch richteg gutt Regie maachen.

| | |
|---|---|
| *1ten Techniker* | Oh mei waat e Béischt. Dé Kënschtler hunn awer och alleguer en Eck ewech. |
| *2ten Techniker.* | Ëch froe mëch nëmmen, fir waat déi nach sou laang mat frieme Leit prouwen fir hir Filmer ze maachen.Wann een dee Clown hei géing bei senger normaler Arbecht filmen, datt géif de perfekte Witzfilm of. |
| *Regisseur kuckt op d'Auer* | Mama mia, schon esou spéit; Wou ass nëmmen menge Assistente? Alles musse Ëch selwer mache. *tupft sëch nervös d'Stiir mam Nuesschnappeg of.* |
| *d'Pamela kënnt eran* | Signore Makkaroni. Déi Leit déi sëch fir déi freih Roll virstelle wëllen sinn elo do. Soll ëch se bei Iech schécken? |
| *Regisseur* | Ah qué bella . Menge Deifchen , du solls mëch dache mat menge Viirnumme ruffen. Fir e sou enge bellissimma sinn êch dach "dolce Ennio" Du weesse dach, menge Motto ass: " Dolce Vita mate dolce Ennio" Komm op menge Schouss bella ! |
| *Pamela ziert sëch* | Mais Signore Makka, quatsch Ennio, daat pass sêch ower nëtt, a waat sollen dann d'Leit aus dem Filmteam denken? |
| *Regisseur* | *geet op hatt zou:*<br>Daat ass e dach nëtte wichteg, wann dolce Ennio spiert di Amore ( *baut sêch op a stellt sëch a Pose*) da gëtt hien enge wëlle Déier , dann asse hien féiereg wéi de Vesuvio iwwerte menge Staat Napoli…<br>*hien leeft op hatt lass, hatt leeft spieleresch fort a laacht, hien hannedrun jhust wéi hien hatt erwêcht kënnt den Assistent de Stevie Spielball eran D'Scriptgirl leeft eraus..* |
| *Assistent:* | Hoppla stéieren ëch ? |
| *Regisseur:* | Jo e neen, e mais menge Frënd Stephano, ëch siche dëch dach schon, kuck nëmmen grad wollt ëche de Joffer Paméla froe ope sie nëtte wees wou's Du bass; |
| *Assistent* | Ah Du wollts sëcher kucken, op hat mëch nett ofgeschléckt hätt . |
| *Regisseur* | Mais non, sapristi, ëche sinn schon ganz duercheneen. ëch waarde schons déi ganze Zeit op Dech. Du wees dache, datt haut de grousse Dag ass. |
| *Assistent* | Wéi dann de groussen Dag? A waat ass dann un dësem Dag sou extra? Mengst Du wells Du der klenger Schécks do lo grad no gelaaft bass? |
| *Regisseur* | Porco Maledetto !!! Mais neen, weesse Du dann nëtt méih, datt mir eng grouss Annonce an alle Zeitungen haten fire déi Roll vum Cowboy Little Smith an eise grousse Kobeu-Film ze besetzen. |
| *Assistent* | Ah merde jo. Lo hat ech bal verschweest datt de Leonardo di Cabrio bei eis gekënnegt huet wéi hien héieren huet, datt eise Produzent de knéckegste |

Mann vu ganz Holywood ass. Et ass jo awer och eng Sënn an eng Schaan waat deen vun eis verlangt fir Suen ze spueren. Nëtt nëmmen, datt en eis fir déi grouss Schéisserei-szenen am Film nëmmen 2 Platzpatrounen kaaft huet. Stell der daat nëmme viir 2 hongereger Patrounen; do därf awer och neischt schief goen beim Dréien, soos hänke mer.

*Regisseur* Jo, jo , ëche weesse, mais duerfir filme mir jo direkt mat de Cowboy-Film nach e puer Reklamme fir de Sue ze kréie;

*Assistent* Mais dat neits u Spueriddien vun deem ale Kneckjhang hues Du jo nach guer nëtt gesinn.

*Regisseur* Oh mama mia! A waat huet e dann elo nach fonnte vir e puer Zentimes ze spuere?

*Gëtt ganz opgeregt*:

Gëtt elo un de Stoffte vun de Pamela senge Jhupe gespuert? Dat wär dach enge gudde Iddi, do wäre ëch oche derfir;

*Assistent* Maja, gell daat géifs Du nach mattmaachen; Neen neen mein léiwen Ennio, et ass vill schlëmmer. Géih emol op d'Toilette kucken, waat do zenter gëschter als Toilettepabeier leit.

*Regisseur* Porco miserabile, dréih dach elo hei kenge Film. Da so dach schon, waat leit t'e dann do ?

*Assistent* Dann hal Dëch un; Konfetti, farwege Konfetti; Ech wetten de knéckegen Hond huet en och nach selwer opgeraft bei irgendenger Kavalkad, fir datt en neischt soll kaschten.

*Regisseur* Konfetti, oh mama mia, waat enge schlëmme Mënsch.

*Assistent* A wees de waat de Clou ass?

*Regisseur* Mach mësch geckeg! Geet et dann nach nëtt duer mat der Frechheet mat denge Konfetti?

*Assistent* Ma wéi et schengt nëtt. Den ale Knéckjhang huet dach tatsächlech d'Frechheet gehat fir bei de Konfetti e Schëld ze stellen : " Bitte nur einzeln und auf beiden Seiten benutzen"

*Dem Regisseur bleiwt de Mond opstoen; hien rësel de Kapp vun hannen héiert een Getrëppels an Gegrommels , d'Pamela rifft hannert der Kulisse*

*Pamela* Dir Herrschaften sou geet dat nëtt. Et därf jo jidfereen vun Iech sëch bei de groussen Starregisseur Ennio Makkaroni virstelle goen fir déi Roll ze kréien, mais êmmer mat der Rouh an schéin der Reih no. Ëch ginn dem Här Regisseur fir d'éischt emol soen dat Dir sou weit sidd, an da ruffen êch Iech eenzeln eran.

*Hat kënnt op d'Bühn.*

*Pamela* Moien Stevie. Do bass Du jo endlech.

Ennio , kënne mer ufänken mat dem Viirstellungsgespréich, déi rappe mir d'Bud of dobannen a mengem Büro

*Regisseur* Mais selbstverständlech Bella, menge Deif'chen, schéck den éischte nëmmen eran.

*Pamela* *iwert dem Erausgoen*:

Wéi 's du mengs, ëch wënschen Dir vill Spaas mat deene gelungene Gestalten.

*De Rambo am volle Battledress kënnt eran gesprong, mat engem Messer tëschend den Zänn an enger Flënnt ( am beschten e liicht Maschinegewier) , hien rullt sêch eng Kéier iwert de Buedem , schéisst an d'Luucht an heet d'Messer an d'Mauer ( an e Kartong tëschent 2 Panneau'en) a stellt sech virun de Ennio an de Stevie, déi ganz erschreckt dosëtzen.*

*Regisseur* Mama mia ! A waate soll date dote dann?

*Rambo* High Mister. Ech sinn äre man.

*Assistent* Oh freck, a waat seet dem Ennio seng Fra dann dozou?

*Regisseur* Wéi soll ëch daate da verstoen dir sitte menge Mann? De Krich asse dach lang eriiwer. Eche brauche nette enge Zaldot mais enge acteur fir a menge Kobeu-Film matzespille.

*Rambo* Keep Cool Mr Spaghetti, duerfir sinn ëch dach hei. Ëch komme mëch virstellen, fir déi Roll ze iwerhuelen.

*Assistent* Oh freck. Nuje ë gëtt villeicht eng schéi Laich of.

*Regisseur* Matte weem hun ëche dann de Plaiséier fir hei ze schwätzen?

*Rambo* *stellt sëch a Kämpferpose/* Waat , erkennt Dir mëch dann nëtt? Ëch sinn êt, den Mister Neijoerschdag Alone. Dir musst mëch dach gesinn hun a mengen Haaptrollen an de Filmer " Rennboot " 1ten bis 15 ten Deel!

*De Regisseur an den Assistent kucken sëch ratlos un a rësselen de Kapp*

*Regisseur* Niente ! Dovune hun ëche nach neischt héieren.

*Rambo* *gëtt sëch nach méih eng wichteg Minn, an hëllt e puer Oskarfiguren aus senger Poche, déi hien bei der Entrée ofgestallt hat.*

Dir Herren, fir meng Leeschtung um Gebitt vum Film hun ëch dach gleich 3 Mol en Oskar kritt, een fir de Film mat deene meeschte Laichen, een fir déi kiirzst Gespréicher an en fir de gréisste Ketchupverbrauch den zu Hollywood je fir e Film gemaacht ginn ass. Ass daat da keng Referenz?

*Regisseur* Daat asse jo molto bene. Mais ëche dréie enge Westernfilm, sou mat de Kobeus (!) a enge Saloon, verstehst de. Do bass Du dache nëtte de richtege Mann.

*Rambo* *weist sei Bizeps*

Oh mengs De! Da kuck emol hei waat ëch Muskelen hunn. Ëch sinn dach den ideale Barkeeper. ëch rësselen Iech de Martini bis e scheimt.

*Regisseur* A wat weider?

*Rambo* ähem, .... Ah jo. Schampes, Béier, Smirnoff, Bacardi-Breez...( *gëtt vum Regisseur ënnerbrach)*

*Regisseur* Jo mais daat asse nëtte vir ze rëssele. Dat musse een drénke. Gleef mer, ëche kenne mëch ganze gutt do aus. *Hien hëllt eng Fläsch aus senger Jackette an hëllt e Schotz.* An ausserdeem enge Barkeeper hun ëche schon. Ëch siche enge schéine Kobeu fir doutezeschéisse a menge Filme. Enge Kobeu date gutt stirwe kann.

*Rambo* Waat, stierwen. Neen , neen, schlo der dat aus dem Kapp. Dat mat dem

gestierfs ass sou eng Saach. Et ass schnell geschitt, an hanneno ass een sou laang futti. Also deen hei ass gewinnt stirwen ze loossen an nëtt och nach selwer an d'Graas ze beissen. Neen , neen, sicht der fir deng Looser-Roll en aneren Dommen. Nëtt mat mir. *hëllt seng Saachen a geet of.*

*Assistent* Oh freck, waat eng Nummer. Gutt datt deen alt vu selwer gangen ass.

*Regisseur* Jo, da brauche mir hien wéinstens nëtt rauszeschmeissen, déi Arbecht asse alt gespuerte. *Hëllt sein Handy aus dem Koffer , a wielt*

Si Pamela mio Amore. ëch sinn ëtt denge Ennio. Schécke mir emol den nächste Kandidate eran fir de Rolle. si , si Ciauo Bella

*d'Musek aus den James Bond Filmer leeft un an den*

*James Bond* *kënnt ganz elegant ugedo'en eran. Hien geet op de Regisseur lass, gëtt him d'Hand a seet:* Mein Numm ass Bond, James Bond .

*Regisseur* Fantastico!! ëche sinn den Ennio Makaroni. Ëche frée mëche Iech kennezeléieren. Wat kann ëche fir Iech maachen?

*James Bond* Ech hat eppes vu Martini héieren. Ass dëss nach do? Ech hätt mein gär gerësselt, nëtt geréiert..

*Regisseur* Mir brauchen hei awer keen fire de Martini fort ze saufe. Ëche siche enge Acteur fir menge Kobeu-Film.

*James Bond* Oh wéi schued! Ëch hat awer grad Duuscht. Mais gutt, dat mat deem Film trëfft sëch gudd. Ëch sinn nämlech Acteur vu Beruff. Mein wirklechen Numm ass Pier Prost-Man. Ëch hun bis elo nêmmen den James Bond gespillt. Dat ass mir schons bal zur zweeter Natur ginn. Ëch wëll mir emol nei Horizonter erschléissen. Duerfir wëll ëch emol eng aner Roll probéieren.

*Assistent* Un wéi eng Roll hat Dir dann do geduecht Här Prost-Man?

*James Bond* Gëtt ët eng Roll wou een schéissen , Martini drénke a flott Schécksen vernasche kann?

*Regisseur* Sou enge Roll gëtt ëtte nëtt. Mais ëtte gëtt se awer getrennt.

*James Bond* Waat gelift? Getrennt ? Dat verstinn ëch awer lo nëtt.

*Assistent* Majo mir hun hei entweder eng Roll wou een ka schéissen, oder eng Roll wou een ka Martini drénken. Do musst' Dir Iech schon entscheeden.

*James Bond* Waat , do ginn ëch jo a mengen kënschtlereschen Ambitiounen ageéngt. Ah neen. Ënnert deene Konditiounen komme mir nëtt an d'Geschäft. Dir Hären et woer mir e Plaiséier. Iwregens Här Caneloni ......

*Regisseur* Makaroni wann ech gelift!!!

*James Bond* och gutt Makaroni. Mais waat ëch froe wollt : Wéi soll dat grousst Wierk dann heeschen un deem hei sou schwéier geschafft gëtt?

*Assistent* Dat wësse mir nach nëtt. Dat ass demno.

*James Bond* Wéi dat ass démno. Heescht dat , dir hutt Iech mol nach nëtt festgeluecht, wéi de Film heeschen soll?

*Regisseur* grande miseria! Ma jo datte kann een elo nach nëtte soen.

*James Bond* mais wéi dann dat? Dir musst dach awer wëssen waat Dir vir e Film maacht wann Dir ufänkt!

*Assistent* Dat wësse mir jo och. Zu Ufank vun den Dréiharbechten huet de Film nach geheescht: "Im Saloon in Santa Fee ist der Whisky ganz ok ". Mais wann zum Schluss nëtt méih genuch Suen do sinn vir esou e laangen Titel op de Viirspann…

*Regisseur* .. da maache mir méi enge kuurze Numm fir de Film oder guer kenge.

*Assistent* Jo wëst Dir, mir hun nämlech esou e furchtbar knéckege Produzent.

*Regisseur* Jo do musse mir matte alle Tricke schaffe fir Suen ze spuere.

*James Bond* Oh freck da wärt et amplatz vum Martini alt och nëmme gefiertftent Wasser ginn. Gudd datt ëch hei nëtt hänke bliwwe sinn. Här Tagliatelli ëch wënschen Iech vill Erfolleg mat ärem Film. Äddi. *geet of*

*Regisseur* Makaroni wann ëch bieden därf, Ennio Makaroni.. ….

*Assistent* Dat do war et jo och nëtt. Mir wärten jo awer nach een fannen! Well an 10 Minuten sollen schon déi aner Akteure kommen fir déi éischt Saloonszene ze prouwen an ze filmen.

*Regisseur* *hëllt nees sein Handy , wielt a schwëtzt*:

Paméla Bella, Du kanns mir direkt de nächste Kandidate eranschécken. *Paus*

- Wéi ët ass kenge méih do ? Soll dat heeschen dat nëmmen déi 2 Gecken do sëch gemellt haten fir a menge magnifico Kobeus-Filme mate zespille?
- Oh grande catastrophe di kickeriki. A waat e solle mire dann elo maache? Oh mei oh mei, mama mia… *jomert nach roueg virun sech hin, den Assistent kuckt him no a rësselt de Kapp*

*Paméla* *kënnt eran*

Signore Ennio,

*Regisseur* Mia Bella, dat hei asse menge Enn. Nëmmen Du basse alles wat e ëche nach hun . *Sprëngt op ,hëllt dem Pamela seng Hand a seet :*

Komm mat mir . Mir fänken enge neie Liewen un . Mir fueren op mia bella Napoli a, machen do enge Trattoria, enge Ristorante op. Du basse de Kach an de Serveuse, an ëche gin de patron. Ecco ? Ass dat nëtt enge gudde Iddie?

*Pamela* Ennio, well dréih kee Film! Ech wees eppes Besseres! Du brauchs dach en Acteur fir d'Roll vum Little Smith, den Cowboy, deen an eiser éischter Saloon-szene soll erschoss ginn.

*Regisseur* Exacto! Oh waat enge Fra ! Sou bella an sou gescheite. *schéckt him e Kuss*

*Pamela* Maja, êch hun e Kandidat fir dëch! Mein Frënd sicht eng Roll fir als Schauspiller an d'Geschäft ze kommen . Hien geseit gutt aus , begreift schnell an hien géif och keng grouss Gage fuerderen, well ët jo souzesoen seng éischt Roll da wier.

*Assistent* Hei e lei . Huet eis kleng Tuss hei och schons e Frënd. A wien hätt dat geduecht ? Mei léiwen Ennio, da muss Du awer elo deng Fanger méi bei Dir halen.

*Regisseur* Paméla! A firwat brauchs Du dann enge Frënd? Du hues dache mêche, Denge Dolce Ennio. Mais nujee, waate lo méih wichteg asse, dat ass datte mir enge Acteur fannen. Wéi heeschte dann dee Mënsch?

*Pamela* Hien ass en daitschen , deen awer vill an Amerika lieft. Sein Numm ass Hans-Dieter Geburt.

*Assistent* *laacht knaschteg*: Mein léift Meedchen! Dat mat deem amerikanesche Preis do géif ëch mir an Denger Plaatz awer nach eng Kéier iwerléen.

*Regisseur* Ou, a firwaate de dann? Kenns Du de Jong?

*Assistent* Neen, Neen, mais ëch stelle mir nëmme viir, wann déi 2 an Amerika géife bestued ginn, *laacht ëmmer méih*, wees Du wéi déi dann géifen heeschen?

Mister and MISSGEBURT.

*Pamela* Blöden Dabo. Wann een Stevie Spielball heescht, da mëscht een nëtt de Geck mat deenen anere Leit hirem Numm. Well soss stoussen ëch mat dir en Elefmeeter, dass du nie méi aus dem Abseits erauskënns du Pateeskapp do.

*Regisseur* magnifico! Wann hatte rosen ass, ass hat nach méih schéin, piu bella wéi soss! Pamela kanns Du denge Frënd soen datte hien kann ufänken sou schnell wéi méiglech hei an eise Film.

*Pamela* Super Ennio , du bass immens. Hien hei hin ze kréien, dat ass schnell geschitt. Hien wart do ënnen an der Kantine op mëch; Ëch gin hien direkt ruffen , ok ?

*Regisseur* Ok ! Breng Denge Amore nëmmen hei hin, datte mir kënnen ufänke matte de Film. *d'Pamela geet of*

*Assistent* Ruff de Bühnebauer un, datt sie de Saloon opriichte kommen;

*Regisseur* Ok, datte machen Êche. Géih Du dann oche déi anere Acteur'e sichen fir eise Filmszene., *den Assistent geet of, den Ennio geet mat hannert d'Bûhn a kënnt gleich drop nees zeréck, mat him kommen 2 oder méih Bûhnenbauer, déi de Comptoir, evt e Spiggel, e puer Glieser a Fläschen an e Whiskys-spender erandroen.* Presto , presto ragazzi, stellt alles schnell hei op. *d'Techniker ginn nees of*

*als éischt kënnt d'Pamela mat sengem Frënd eran; den Ennio geet op hien zou a seet:*

*Regisseur* Ah , waat enge Freed. ëch sinn de Ennio , waat enge Chance datt de Pamela dëche gleich fonnt huet. Wessens' du waat fir enge Roll du solls spille?

*Hans-Dieter* Jo , jo, d'Pam huet mir alles erklärt. Majestro , ëch soen Iech villmols merci dass Dir mir eng Chance gitt. Datt hei gëtt bëstëmmt mein Début zou enger grousser Karrière.

*Regisseur* Dat hues Du nëmmen denge klenge Frëndin ze verdanke. Pamela eche fanne datt ëche awer duerfir enge Kuss, enge bacci verdengt hun. *leeft op hat lass*

*Pamela* An denger Plaatz Ennio, géif ëch daat do léiwer sin loossen. Den Hans-

Dieter huet villeicht en Numm wéi e Gartenzwerg, mais hien war Jugendchampion am Boxen an der Klass bis 2 Zenner Schluechtgewiicht.

*Hans-Dieter* — *geet op den Ennio lass a baut sëch a Boxerstellung virun him op iwerdeems kënnt d'Verona eran mat engem Bloc an engem Bic*

Dong uecht Mënnchen, looss d'Patten vum Pam, soss dätschen ëch der eng op Deng Makkaroni, dass der d'Sauce bolognese aus der Nues leeft ans du deng Zänn am Setzkasten austelle kanns.

*Regisseur* — *weicht erschreckt zeréck*:

Madonna mia! Nëtte sou hëtzeg. Ech hun jo nëmmen enge bëschen Spasse gemacht. Dat ass dache nëtt sou schlëmm, dasse Du duerfir de arme Ennio wëllse brutaliséiere?

*Verona* — Ennio kanns' Du mol hei ënnerschreiwen. Dat ass d'Quittung fir eng nei Tuut Konfetti déi de Produzent eis liweren geloos huet.

*De Regisseur ënnerschreiwt ganz verdaddert an d'Verona geet nees of. Iwerdeems kënnt den Assistent zeréck. 5 Mann kommen hannendrun, de Barkeeper, de Wild Bill, , den Dokter, an 2 Infirmieren.*

*Assistent* — Sou Ennio hei ass de Rescht vun der Band. Elo kënne mir ufänken So Pamela, géih sich dengem Meck nach eng Cowboys-tenue; mir kënnen hien jo nëtt einfach an zivill erschéissen an so de Joffer vun der Masque hei wäre nach enge Arbechte fir sie. Denge Hans-Dieter soll dach wéinstens enge schéine Laich sinn.. *d'Pamela geet hannert d'Bühn a brëngt him an dem Wild Bill Cowboysrequisiten ( Hut, Revolvergurt, evt, e Gillet , et kennt och e Meedchen mat engem Kosmetikkoffer, a moolt den H/D iwerdriwwen mat Pudder an Stëft)*a

*Regisseur* — Presto, presto, ragacci , alles op de Positiounen, alles ausse de Féiss deen nëtt muss matte spille. Kamera, Luuchte, Stephano, wéi asse et , gëtt et da bal ?

*Asistent* — Hektik, Erotik, Fusspilz. Ennio wirbel nëtt sou vill Stëbbs op, ëch kommen jo schon. *hëllt seng Filmklappe, schreiwt mat Kreid 1/1 drop, stellt sêch virun d'Kamera; déi aner ginn op hir Plaatzen, de Barkeeper hannert sei Comptoir, de Wild Bill geet hannert 'd'Diir, déi aner verzéien sëch hannert d'Kulissen:*

*Regisseur* — Halte, enge piccolo Momento nache. Héi , Du Kobeu matte de Revolver?

*Wild Bill* — *kennt gelangweilt no viir,* Mengs de mëch?

*Regisseur* — Si. Dëche hat ëche gemengt. Du weese jo, datte mir nëmmen 2 Kuggele hun fir de ganze Film. Duerfir prouwe mir vir d'éischte ouni ze schéisse, capisto? Gëffe mir denge Revolver heihinner nëtte dass Du awer eise kostbare Munitioun verhonns. An du Barekeeper, du schëttz och réischt richteg eppes an de Glase, wann mir wirkleche filme Capito!

*Wild Bill* — Waat eng. Wéi kommen ëch dann do als Cowboy ouni Revolver. Da stinn ëch dach sou gutt wéi plaackeg do. *geet dem Ennio d'Pistoul droen*

Soll Ech hien dann elo nëtt erschéisssen?

*Regisseur* — Ma dach, porco maledetto, waat ass deen do awer schwéier vu Begrëffe. Du solls mache wéi wanns du géings schéisse, capisto?

| | |
|---|---|
| *Wild Bill* | Wéi ëch soll nëmmen <u>sou</u> maachen? Dann erschéissen ëch hien also dach nëtt? |
| *Regisseur* | Dat do asse dach fir sëch de Hoer auszerappe. Mais menge Tupee ass duerfir ze deier . Hei, sou solls' du schéisse, wéi de bambini Kobeu spille, Peng Peng Peng *mëcht him et viir.* |
| *Wild Bill* | ok, ok ,Boss, reeg Dech of. Lo hun ëch geschnallt waat' de mengs, vu mir aus kann ët lass goen. |
| *Regisseur* | Ophuelen |
| *Kameramann* | *Toun leeft* |
| ***Sketch-abschnitt... ufank*** | *D'Musek "Spiel mir das Lied vom Tod" leeft, den Assistent spréngt virun d'Kamera mat senger Klapp:* |
| *Assistent* | Saloon 1, déi éischt, *a klappt zou* |
| | De *Wild Bill* kënnt lässeg zur Dir eran, d'Musek hällt op. |
| *Wild Bill* | *kuckt ganz ratlos* |
| | Eh Cheff, wéi war dat elo schons méi ; ech soll mat de bambi Cowboy spillen an en dann erschéissen? |
| *Regisseur* | Mama mia, idioto grandioso! Kamera aus! |
| *Kameramann* | Kamera aus. |
| *Regisseur* | Du musse nême sou mache wéi wann's du géings schéisse , hei sou peng, boum, krach |
| | *geet hinn a rennt en iwerdeems mat de Fanger an d'Repper.* |
| | huesenst Du date lo verstan |
| *Wild Bill* | Jo Boss |
| *Regisseur* | Toun un |
| *Kameramann* | Kamera leeft |
| *Assistent* | Saloon 1, déi zweet, *a klappt zou* |
| | *De Wild Bill kënnt lässeg zur Dir eran, d'Musek hällt op.* |
| *Wild Bill* | Good Morning |
| *Barkeeper* | Good morning |
| | *De Wild Bill get bei de Comptoir, baut sech op, wërft eng Mënz op den Dësch a seet:* |
| *Wild Bill* | Whisky ! |
| *Barkeeper* | *ganz cool* which Whisky? |
| *Wild Bill* | *nach méih cool, deet de Sonnebrëll op:* Jack Daniels |
| | *de Barkeeper mëcht wéi wann hien géif de Whisky erausschëden a schéisst dem Bill d'Glas dohin. Deen setzt un , setzt d'Glas nidder a schéisst et zeréck. Hien hëllt nees eng Mënz a schéist bei de Barkeeper op den Dësch.* |
| *Wild Bill* | Whisky! |
| *Barkeeper* | *ganz cool* which Whisky? |

*Wild Bill* — *nach méih cool, deet de Sonnebrëll of:* Jim Beam

*de Barkeeper mëcht wéi wann hien géif de Whisky erausschëden a schéisste dem Bill d'Glas dohin. Deen setzt un , setzt d'Glas nidder a schéisst et zeréck. An deem Moment geet d'Diir op an den H/D alias Little Smith kënnt eran*

*Wild Bill* — *kuckt de Little Smith un , geet e Schrak op hien lass a seet:*

You are an Asshole! Your Horse fucked my horse.

*Hien mëcht wéi wann hien sei Revolver géing zéien a schéist. De Little Smith fällt ëm rësselt sêch nach eng Kéier a bleiwt leien.*

*Barkeeper* — *leeft bei d'Diir a rifft:*

Doc,Doc, come here

den Doc kënnt eran , de Barkeeper weist op de Little Smith, den Doc kuckt kurz no him a rifft

*Doc* — It's all over , baby blue. Ambulance!

*2 Infirmie'ren( ièren) komme gelaaft hiewen de Little Smith op a schleefen hien vun der Bühn. Den Assisten sprëngt mat senger Klapp bei d'Kamera a rifft:*

*Assistent* — Saloon 1, déi éischt, Schnëtt!

***Sketch-abschnitt...***

*Schluss* — *de Regisseur sprëngt op an iergert sëch:*

*Regisseur éischte Kéier* — Nada, niente, daat war ët nëtte. Weist op de Wild Bill Du steese nëtte richteg. Du musses Dëch zentral stellen, an an de Mëtt. An dann, ëche hätt dat gäre méih séier (A)

*de Sketschabschnitt gëtt lo nees vun Ufank bis zum Schluss gespillt awer eben méih séier*

*Regisseur um Enn vun (A)* — Menge Nerve neen, daat ass ët och nëtte spillt mol méih lues (B), *de Sketschabschnitt gëtt lo nees vun Ufank bis zum Schluss gespillt awer eben méih lues*

*Regisseur um Enn vun (B)* — Mama mia, waat enge Armut. Do ass kenge Emotiona drann. Spillt emol méih traureg (C), *de Sketschabschnitt gëtt lo nees vun Ufank bis zum Schluss gespillt awer eben traureg ( schluchz)*

*Regisseur um Enn vun (C)* — Oh mei, waat enge Misère, neen, neen, date trëfft nëtt de richtege Toun, nach enge Kéier awer méih lëschteg (D) , *de Sketschabschnitt gëtt lo nees vun Ufank bis zum Schluss gespillt awer eben happy (juchu)*

*Regisseur um Enn vun (D)* — Impossibilé ! Do feelt jo de ganze sittleche Eescht. Domat kréie mir nie enge Oskar. Dir hutte kenge Gefill fir de Stéck. Macht emol enge Pantomime draus, da spierte Dir de Séil vun de Stéck. (E) de *Sketschabschnitt gëtt lo nees vun Ufank bis zum Schluss gespillt awer eben ouni Sprooch*

*Regisseur um Enn vun (E)* — Bueno, mais vire de sozial kritesche Aspekte vun de Stéck ze ënnerstreiche, probéire mir elo enge Gay-Version, daat ass enge gudde Trick, datt kënnte bei de Jury ëmmer gutte un. (F) de *Sketschabschnitt gëtt*

*lo nees vun Ufank bis zum Schluss gespillt awer eben méih léif ( ha neen)*

*Regisseur um Enn vun (F)* Kanner, weest Dir waate, déi éischt Versioun war awer nach déi Beschte. Avanti, mir dréie lo awer zergutst. Kobeu, hei kriss Du denge Schéiss, awer nëmmen enge Schoss, du wees jo wéinste de Produzente senge Sue; *hien gëtt dem Bill seng Pistoul, deen stëcht se an a geet op seng Plaatz.*

Barkeeper, elo gëss du eise Kobeu awer richteg enge Whisky an de Glas, alles musse lo ganz echte sinn, avanti , Toun ophuele!

de *Sketschabschnitt gëtt lo nees vun Ufank bis zum Schluss gespillt Nom Schoss huet de Little Smith Ketchup um Trikot an aus dem Mond rauslafen den Doc kënnt kuckt sëch de Fall un a seeet zum Regissseur:*

*Doc* *ganz verdattert:*

Boss, also dei Sënn fir Realismus an Eieren, mais geet dat hei nëtt ze weit, deen ass jo wirklech doud

*Regisseur* *ganz begeeschtert*

Asse dat wéinstens gudd oppe menge Filme drop. Dat haat eche jo nach , nie enge richteg doudege Leich a menge Film.

*Den Doc weist dem Regisseur d'Blut u senge Fanger All sprange se dohin, d'Pamela kënnt dohin, deet e grousse Kreesch a fällt an d'Schwächt.*

***Rido***

**2ten Akt** *d'Luucht am Sall geet aus, an déi xt Stroph aus dem Reinhard Mey sengem " der Mörder ist immer der Gärtner" gëtt gespillt Inspektor Dupont stets voreilig ......, de Rido geet op, ët sëtzen do, de Regisseur, den Assistent, de Wild Bill den Doc, de Barkeeper, eng Sekretärin kënnt eran a féiert de Komissär eran, 1 Polizist mat Bloc a Bleistëft ass hannendrun ...*

*Verona* Kommt dir Monsieur Kriminal, ëch féieren Iech bei eise Regisseur, da werden sie geholfen. Ennio ?

*Regisseur* Verona dolce picolina menge eenzege Amore , waat ass e dann ?

*Verona* Ennio , déi Hären si vun der Police Grand-Ducale. Sie kommen wéint deem schrecklëchen Accident vun virentst.

*Kommissär* Moien. Mein Numm ass Holmes, Komissär Schmalzlock Holmes vum Morddezernat an dat do ass mein adjutant , de premier maréchal de logis chef James Stackdaaf. *Gëtt dem Ennio d'Hand a betruecht hien roueg duerch d'Lupp. Den James mëcht direkt eng Foto a fänkt un Notizen ze maachen.*

*Ennio* Ëche sinn de Regisseur Ennio Makkaroni. Dir kennte bestëmmt menge Numm aus menge grousse Filmer. An dat sinn alles menge Acteur'en an Asssistente. Nëmme menge neitste Acteur kann ëche Ieche nëtte méih weise, well hien ass morto, doudgeschéisste an dat a menge Film.

*Kommissär* Erschoss? Da war et jo e Mord. Wéi ass daat da geschitt?

*Regisseur* A menge grousse Kobeu-Filme déi mir elo grad hei dréie , do sollt de neie Kobeu-Acteur erschosse ginn an ....

| | |
|---|---|
| *Kommissär* | Ah dir hut dat och nach viirsetzlech an express gemacht? |
| *Regisseur* | Ma neen, ma dach, ma neen, dat ass ganze komplizéierte. *rappt sëch un den Hoer an ass ganz verzweifelt* |
| *Assistent* | Am Film, an der Szene déi mir grad am gang waren ze dréien, do sollt laut Dréihbuch de Cowboy Wild Bill , den anere Cowboy Little Smith genannt erschéissen. Natirlech nëtt echt, duerfir huele mir jo och Platzpatrounen fir ze schéissen. |
| *Doc* | JO hei a wéi et färdeg war , do war deen Neien doud. De woust bestëmmt nëtt, datt mir nêmmen maat Platzpatrounen schéissen. |
| *Kommissär* | War t Dir och derbei? |
| *Barkeeper* | Ma jo, waat dan anescht. Mir spille jo alleguer mat an der Szene, do ass et jo bal nëtt anescht gang wéi datt mir derbei waren. |
| *Kommissär* | Ok, da muss ëch d'Ganz Acteurstrupp verhéieren. Här Barkeeper, wou wart'Dir virun 2 Joer, den 10te März 1999 nomëttes tëschend Véierel vir Drei an véierel op Drei? |
| *Regisseur* | Mais Signore Kommissario, datte kënnt Dir dach nëtt maache. Wann Dire matte alle Leite hei musste schwetze, wéini maache mir dann menge Kobeu-Filme färdeg? Mir musse nach haute de Szene an de Sheeeriff senge Office dréie! |
| *Kommissär* | Dann halt mëch nëtt onnéideg op an hëlleft mir datt ëch erausfanne kann waat hei geschitt ass. Wéi ass et da méiglech, datt äre Kolleg doud ass, wann hei nëmmen mat Platzpatrounen geschoss gëtt? Iwregens, wéi heescht d'Affer iwerhapt? |
| *Assistent* | De Mann heescht Hans-Dieter Geburt. Mais vill wëssen dinn mir nëtt vun him. Hien ass eréischt virun e puer Stonnen engagéiert gin. Eist' Script-meedchen, d'Joffer Pamela Andersrum hat hien matbruecht. Et war sei Frënd. *Den Hëllefspolizist schreiwt ganz eifreg.* An datt den arme Kärel lo e Lach am Bauch huet, dat ass nëtt ze verstoen. Et misst schon een d'Patrounen vertauscht hun. Mais dat kann awer nëmmen een hei banne gemacht hun. |
| *Kommissär* | Interessant, interessant! A waat mëcht Iech dann esou sêcher, datt dat hei bannen muss geschitt sinn. ? |
| *Assistent* | Ma ganz einfach. D'Material ze präparéieren ass dach meng Charge. An ëch hat d'Pistoulen prätt gemacht jhust virun der Opnahm vun der Szene. Eng Pistoul ouni Kugel fir den Hans-Dieter , getréischten Undenkens, an eng Pistoul mat der **enger** Kugel fir de Wild Bill, deen jo sollt schéissen. |
| *Kommissär* | Hä , waat heescht dann mat der enger Kugel? Hun hei bei Iech beim Film d'Kugelen Nimm oder Nummeren, datt dir se sou gutt erëmmkënnt? |
| *Regisseur* | Niente, datt asse dach nëmmen wéint eise schreckleche Produzente. Déi Mann asse sou kuuschteg, datte mir nëmmen 2 Platzpatroune hun , well an eise grousse Kobeu-Filme gëtte jo nëmme 2-Mol geschoss. An enge vun dene 2 Kugele mengte de Stephano. Capito? |
| *KOmmissär* | An Dir sidd sëcher datt dir déi richteg Patroune an den Revolver do gestach hudd? |

| | |
|---|---|
| *Assistent* | Vollkommen sëcher! Ausser de Platzpatrounen hun mir hei keng Munitioun, an och d'Platzpatrounen sin ofgezielt. Wéi ëch d'Pistoulen an dat anert Material vir dëss Szene dobaussen virun d'Dir prätt geluecht hunn, war an der betreffender Pistoul eng Platzpatroun gelueden. |
| *Kommissär* | An wéi koum dann, déi gelueden Pistoul hei eran? |
| *Wild Bill* | Ma ech krut meng Cowboysausrrüstung vum Pamela an de Grapp gedréckt. |
| *Kommissär* | A wou ass déi Joffer Pamela dann? Kann ëch mol mat hir schwetzen? |
| *Regisseur* | No, miserio, no! Dat geet e nëtt Op alle Falle nëtte hei. Well déi arme Pamelita huet mussen an de Klinik bruechte ginn matte de Ambulance; dir verstidd jo, déi arme Bambino huet enge Schock. |
| *Kommissär* | Bon , da wärt ech déi Joffer mol an d'Klinik besiche goen fir sie do aus ze froen. James, hun mir alles ? |
| *James* | *Steet ganz stramm a rifft:* Sir, neen Sir! Mir hun nach kee Motiv.Sir *a schreiwt nees weider* |
| *Kommissär* | Ah jo , richteg James. Waat fir e Grond kënnt dann een heibannen gehat hun den Här Geburt an d'Jenseits ze beförderen ? Huet een vun Iech eng Iddie? |
| | *alles rësselt de Kapp a kuckt ratlos* |
| *Wild Bill* | Här Kommissär, êch bieden Iech. Dat arment Affer war nach keng Stonn an eiser Mëtt, keen vun eis hat hien je virdrun gesinn; wat fir e Grond soll do een hun, vir sou eppes ze maachen ? *alles nickt zoustëmmend mam Kapp* |
| *Kommissär* | An awer ass den arme Kärel lo doud. War dann den Schoss do villeicht fir en anere vun Iech gemënzt? Wien soll't dann déi Roll villeicht virun dem Affer spillen ? |
| *Assistent* | Kaal, Här Kommissär, ganz kaal. Dir sicht an der falscher Richtung. D'Affer huet déi Roll jo nëmme kritt, well mir keen aneren haten; also kann jo och soss keen aneren gemengt gewirscht sinn. |
| *Kommissär* | Mais dat ganzt muss dach awer e Sënn maachen! Et geet dach keen hinn an léist en Onbekannte stierwen wéinst neischt, nëmmen fir ze gesinn op richtegt Blutt grad sou rout ass wéi de Filmketchup. Hat dann irent een vun Iech Streit gehat mam Affer? |
| | *Alles kuckt sech nees ratlos un rëselt de Kapp a jidfereen seet hart* neen *wann de Kommissâr een nom aneren mat der Lupp betruecht.* |
| *Verona* | Oder dach , wart emol Ennio, Du haas der dach bal op d'Schnëss kritt vun deem Neien, virum Tournage wéi ëch era koum. |
| *Regisseur* | ëche , ? Neen, neen, daat waar Nëtt esou. Daat war ganz aneschte. |
| *Kommissär* | Interessant, interessant! Wéi war dat dann? Erzielt eis dach dovun. |
| *Regisseur* | Mais Signore Capitan, neeen , Monsieur Kommissario, daat war nëtt sou wéi dir mengte. |
| *Kommissär* | Ouh, a waat mengen Ëch dann? |
| *Regisseur* | Oh ëche weesse nëtte waate Dir mengt. Mais deen neie Acteur do huete Mêche nêmmen gewiesen waate hien géife matt mir maache wann,... |

*Kommissâr* ja, wann, wann waat?

*Regisseur* *geziert,* dat asse molto penibile. ëch wollte enge Kuss vun de Pamela well ëch senge Frëndchen de Roll a menge grousse Kobeu-Filme ginn haate An déi Frënd huet date nëtt gutt fonnt.

*Verona* *fänkt un ze laachen*

Oh Ennio, bass de beim Baggeren gestéiert ginn? Här Kommissär dat därft dir nëtt iwerbewerten, eise gudden Ennio schärt bei all Framensch. Hien kann nëtt anescht, dat ass dat normalt Paarungsverhalten vun all Italiener. . Mais duerfir géif hien dach keen ëmbréngen.Neen, duerfir ass hien vill ze vill e gudde Kärel.

*Kommissär* May be , baby! Mais zevill gudd héiert dat sëch nëtt un. Do geet eisen Här Regisseur gär an e frieme Gaard Kiischte plécken a gëtt vum Propriétaire gestéiert. A keng hallef Stonn derno ass de Propriétaire vum Kiischtebaam doud.

*Verona* *hëllt d'Nuesschnappeg a seet ganz geréiert:* schéin hudd Dir daat gesot Här Kommissär, un Iech ass e Poet verluer gang.

*Kommissär* James , ech ginn elo mol and'Klinik mat der Joffer Pamela do schwätzen. Du bleiws hei a beobachts de Betrieb Här Regisseur, Dir sidd jo dann bis op weideres nach hei ze fannen?

*Regisseur* Jo an déi anere oche. Mir mussen elo endleche weiderkomme an eise Kobeu-Filme.

De Kommissär geet of mam Verona.

*Regisseur* Presto, presto ragazzi! Elo musse mir awer firu mache fir déi Hirichtungs-Szene an de Sheeriff senge Büro. Techniker, baut de Bühn ëme, Acteur'e an de Dress, Mask, oh mama mia, waat enge Stress.

*Bis op den Assistent an den James, geet all Mënsch eraus. 2 Techniker riichten d'Bühn ëm, e Prisongsgitter mat enger Diir, eng Guillotine an e Pult kommen an de Büro ze stoen, evt eng Flënt e Känki an e puer Steckbréifer ( am Beschten vun denen 3 Cowboyen déi an de Prisong kommen ) rënnen dat ganzt of. Wann een vun den Techniker roueg do steet, schneit op eemol weisse Konfetti oder Styroporkuggelen aus engem Schlauch iwert him ( ennegt hannert der Bühn, wou een dran bléist) an et kënnt un engem Nylonsfuedem eng Këscht geflunn wou Helli D10 rout drop steet, an sie trëft den Techniker um Kapp, deen fänkt d'Këscht op , kuckt se un a seet:.*

*Techniker 1* Jo homm mer de scho Woinachten ?

*James* *den James zitt seng Pistoul, wërft sëch gleich op de Buedem a rifft:*

Hei schwâtzt d'Police Grand-ducale. Dir sidd ëmstallt. All Widderstand ass sënnlous. Werft är Waffen fort, a kommt mat erhuewenen Hänn eraus. Dir hut d'Recht, d'Ausso ze verweigeren, an en Affekot ze verlangen. Op Grond vum Artikel 124 sub 12 Paragraph 12 , 2tens vum Strofgesetzbuch machen ëch Iech drop opmieksam, datt alles waat dir lo soot géinst Iech kann verwandt gin.

*Assistent* Du calme Här Agent. Et ass neischt geschitt. Dat do ass keng Ursach hei direkt e GroussAlarme auszeléisen.

*Den Techniker rappt d'Këscht lass an dréit se hannert d'Bühn.*

*James ganz* A waat war dann dat elo? Ëch duecht schons et wär en Attentatsversuch

*verdaddert* vun der Mafia, mat deem italienesche Regisseur, do wees een jo nie.

*Assistent* Neen , sou spannend war et nët. Hei an dësem Studio ass jhust viru Krëschtdag d'HandysReklamm mam Franz Beckenbauer gefilmt ginn. An eis Techniker waren ze lidderech gewircht fir de Buttek ganz ofzebauen. Huelt de Buttek elo mat fort. *D'Techniker huelen d'Këscht mat, a ginn vun der Bühn.*

*Regisseur* *kënnt nees eran, a setzt sech a sei Stull. Hien kuckt nach eng Kéier séier a sei Script a rifft:* Veronina! Menge Daifchen *.d'Verona kënnt eran den James fänkt nees un eifreg ze notéieren. Den Assistent geet onopfälleg eraus.*

*Verona* Ja Ennio waat ass dann?

*Regisseur* Verona menge Zockerpopp, komme mol bei de Ennio op de Schous. Fir menge kënschtleresche Inspiratioun brauche ëch lo enge Schoss Erotik. *iwerdeems kommen d'Acteuren fir déi nächst Szene eran, de Wild Bill, de Sheriff, de Riichter, den Cowboy Adam Mac Klinck an den 2te Cowboy Jean Vanderbelgique*

*Assistent* *kënnt no deenen aneren eran a seet*:

Hopp , Hopp, elo ass jo alles do. Nun heescht et awer keng Zeit méih ze verléieren. Déi Kéier kënne mir nëtt méih laang prouwen. Jidfereen kënnt jo seng Roll. Also muss d'Szene bei der éischter Kéier richteg sëtzen! Männer Asatz v.e.g;. Alles op seng Plaatz.

*Regisseur* Sapristi, hei kritt een awer keng Zeit méih fir enge rouege Momento

*Verona* *kuckt op d'Auer a seet ganz opgereegt:*

Oh freck, lo hate mir awer bal eis Paus verschweest. Ennio, duerfir muss awer lo nach Zeit sinn!

*Regisseur* Also gudd, awer presto! Wien geete de Cola siche?

*Verona* *ganz opgeregt*

Hien do , hien kann dat am beschten

*hat weist op de Cowboy Jean Vander Belgique*

*Regisseur* *grommelt granzeg*

ëmmer déi nämlechte Film deen hei gedréite gëtte. Déi Schéckse sinn jo richteg ierspannte. Hopp Jean, da géi de Cola siche!

*de Cowboy verschwënnt am Lafen duerch d'Diir hannert d'Bühn, a klëmmt hannen duerch d'Fënster .Eng reisserësch Musek (?) gëtt agespillt D'Verona, d'Lullu Ferraira, d'Meedchen aus der Masque stellen sech prätt op der Sait vun der Bühn, sie kickelen opgeregt mateneen. Op der Toilette hëllt de Jean e Pack mat Bëchsen Coca Light. Hien hiewt se op d'Schëller, geet bei d'Dir, klappt un a geet lues a lässeg duerch de Gang. Op der Traap, virum Rido, bleiwt hien stoen , setzt sei Paak of, wëscht sëch de Schwees vun der Stiir, deet lues sein T-Shirt aus, an hëllt sech eng Bëchs an drënkt ( zum Schein) lues aus der Bëchs, a leckt sech genëssesch d'Lëpsen. Eis Damen sinn aus dem Häus'chen.*

*Regisseur* *gereizt.* So du Playboy, basse du bal hei mat denge Cola,. Also Ëche weese nëtt waat Dir un sou enge bëllege Exhibitioniste kënnte fannen

*De Cowboy deelt e puer Bëchsen aus , d'Leit drënken zum Schein; d 'Verona mëcht dem Jean schéin A'en wéi hien him d'Cola gëtt, de Regisseur steet op an trennt déi 2.*

*Regisseur* Allez, Allez, Verona, géih lo un denge Arbecht. An oche déi anere, déi elo nëtte musse hei sinn, aus de Féisse, mir dréie de Szene an de Bing. Allez, jidfereen op senge Plaatz.

*Déi 3 Cowboyen, de Jean Vanderbelgique, de Wild Bill an den Adam Mac Klinck ginn hannert d'Gitter op 3 Still sëtzen. De Sheriff ( ouni Revolvergurt) leet sëch mat de Féiss op sei Pult zitt den Hutt and'Stiir a fänkt un ze maachen wéi wann hien géing schlofen. Den James steet irgendwou an engem Eck an notéiert, d'Kamera ass besaat, d'Beleuchtung ass besaat, den Assistent hëlt seng Klapp.*

*Regisseur* Opnahm!

*Kameraman* Opnahm leeft.

*Assistent* *sprëngt virun d'Kamera mat senger Klapp a rifft,* Kittchen 1, déi éischt.

*De Richter klappt un d'Dir a kënnt eran*

*Richter* Sheriff! Genuch geschloof!

*geet bei den Dësch richt un der eidler Fläsch déi um Pult leit, a rëselt de Sheriff,* Mätt, ....... Mathew Killen , gëff waakereg du Schlofhauf. Ass dat nach dran, das Auge des Gesetzes pennt.

*Boxt de Sheriff op d'Schëller da gëtt den wakereg.*

*Sheriff* *reift sëch d'Aen ganz verschlof a kuckt sëch sein Géigeniwer un*

Oh freck , de Richter Mac Hänger,

*Hien hëllt vif d'Féiss vum Dësch, probéiert d'Fläsch ze verstoppen a steet schnell op.* Moien Richter. Waat féiert Iech dann hei bei eis op Santa Fee?

*Richter* Sheriff , ëch sinn hei fir d'Urdeel géinst är 3 Prisonnéier ze verkënnegen an fir d'Vollstreckung vun dem Urdeel ze iwerwaachen.

*Regisseur* *sprëngt op a leeft virun d'Kamera:*

Stop, Stop Kamera aus. Lo huete de Blani senge Revolvere Nëtte un. Waat asse daat da fir enge Sheriff ouni senge Schéiss? Wou ass denge Pistoul?

*Sheriff* Merde, déi hun ëch virun der Bühn an der Requisitekëscht vergiess.

*de Regisseursprëngt hannert Bühn a kënnt no enger klenger Weil mat der Pistoul am Gurt eran a gëtt dem Sheriff se. Deen Bënnt se ëm.*

*Regisseur* Weider, weider, bis elo war dat ganze gutt! Kamera un!

*Kameramann* Kamera leeft.'

*Assistent* *sprëngt virun d'Kamera mat senger Klapp a rifft,* Kittchen 1, déi éischt zweeten Deel..

*Sheriff* Da wärten sëch meng 3 Gäscht awer fréen , wann se är Nouvelle kréien. Sie woren souwiesou nëtt zefridden hei mat hirem Kaschhaus. Jongen, da spëtzt emol d'Eierecher. Et ass léiwe Besuch fir Iech 3 Strauchmärder do.

*Richter* *geet ganz feierlëch mam Sheriff virun d'Zell a baut sëch do op. Hien hëllt e Schrëftstéck a fänkt un ze liesen:*

An Ausféierung vun de Gesetzer vum Staat Texas an am Numm vum Vollek, ergeet folgend Urdeel. den Mister Wild Bill , Nationalitéit US Cowboy,

*Wild Bill* That's me Mister Mc Hänger

*Richter* de Mister Adam Mac Klinck, Nationalitéit US Cowboy?

*Mac Klinck* Här Richter, ëch färten dat sinn ëch.

*Richter* an de Monsieur Jean Vanderbelgique, Nationalitéit : Belge durch an durch

*sheriff* oh freck, an ëch duecht, dat wär eng Krankheet

*Vanderbelgique* Ah oui Monsieur le juge, je suis de Etterbeek en Belgique. Je suis venu ici parce que ici il a moins de Belges que chez nous

*Richter* Also dir drei Galgestrécker sidd fir schëlleg befonnt ginn wiederhuelten a gemeinschaftlechen Héngerdéifstaal begaangen ze hunn. No grëndlëcher Berodung huet d'Iewecht Gericht vum Staat Texas befonnt, datt déi 3 Beschëlegter den Doud verdingt hutt. D'Exekution gëtt ënner Opsicht vum Richter Mac Hänger duerch de Sheriff vu Santa Fee a sengem Office vollstreckt. D'Delinquenten hun de Choix tëschent der Guillotine an dem Erschéissen. D'Frais'en vun der Hirichtung an d'Uschléissend Begriefnis ass zu Laaschten vun den Delinquenten.

*Wild Bill* Sou eng Sauerei, lo solle mir och nach d'Kugel stëften mat der se eis e Lach an de Pelz brenne wëllen. Dat ass jo de Comble. Also wann ech schreiwe kéint, da géif ëch mëch bei Amnesie Internationale beschwéieren.

*Richter* Dëst Urdeel ass definitiv rechtkräfteg a muss bannend enger véierel Stonn no der Verliesung ausgeféiert ginn. Ënnerschrëft George W. Bush Gouverneur vum Staat Texas.

*Mac Klinck* Oh freck Jongen lo gëtt ët dreckeg. Hätte mir dach nëmmen nëtt op dem Jean seng Iddie gelauschtert.

*Wild Bill* Jo, den houere Blani ! Dobei, sou schlecht war seng Iddie dach guer nëtt. Bei de Sheriff goen, eis virzestellen als déi 3 op senge Steckbréifer an d'Belounung akasséieren, déi op eise Käpp stung. Mais irgendeppes muss schief gange sinn dobei datt mir elo hei sëtzen.

*Richter* Adam Mac Klinck. Dir kommt vir d'éischt un d'Reih

*Mc KLinck* Oh ëch hun Zeit Här Richter, ët presséiert awer guer nëtt. Ech loossen och gär en anere viir.

*Riichter* Fir waat entscheed Dir Iech, fir d'Käppen oder d'Erschéissen ?

*Mc Linck* De Bill huet Rescht. ëch wärt Iech och nach sou eng deier Kugel bezuelen. Ech ginn op d'Guillotine, déi steet jo schon do, an deen ale Modell do ass sëcher laang amortiséiert. Dat därft jo neischt ze kaschten.

*Riichter* Da kommt eraus. Sheriff loost den Delinquent aus der Zell. *De Sheriff hëllt den Décke Schlëssel a spert op. De Mc Linck kënnt eraus.*

Delinquent hudd Dir nach e läschte Wonsch?

*Mc Linck* Nee, meng Frisur ass jo ok. Dir wêsst jo , Perfekter Halt mit 3 Wetter-Taft, hällt auch in der längsten Haft.

*Sheriff* Da komm mei Jong maach et Dir emol heidrop bequem.

*De Sheriff féiert hien bei d'Guillotine, den Delinquent sëtzt sëch drop a leet de Kapp op de Bock*

*Richter* Henker walte deines Amtes! *De Sheriff léist d'Guillotine aus, d'Beil fällt, bleiwt awer knapp iwert dem Kapp hänken.*

*Mc Linck* *greift a seng Täsch, hëllt e Snickers eraus, rappt 'en op a seet:*

Wenns mal wieder länger dauert, schnapp Dir'n Snickers

*a beist dran*

*Richter* Donnerwierder sou e Pech. Lo musse mir deen do laafe loossen.

*Sheriff* Wéi dann? A fir waat daat dann ?

*Richter* Dat ass e Grondgesetz Sheriff, dat misst Dir awer Wêssen! Eng missgléckten Hirichtung därf nëtt wiederhollt ginn. Huelt de Mann Vum Schafott, den ass frei.

*De Sheriff hëlt den Mc Linck vun der Guillotine;deen verfuust sëch huerteg aus dem Office. während de Richter weider schwätzt richt de Sheriff d'Guillotine nees op. Probéiert se, se geet ( Dispositif viirgesinn den dat méiglech mëcht)*

*Richter* Mister Wild Bill. Dir sidd den nächsten. Fir waat entscheed Dir Iech, fir d'Käppen oder d'Erschéissen?

*Wild Bill* Oh Herr Richter. Ëch hun eng Allergie op Blei. Menger Gesondheet zu Léift wär ëch léiwer gär gekäppt

*Riichter* Da kommt eraus. Sheriff loost den Delinquent aus der Zell. *De Sheriff hëllt den Décke Schlëssel a spert op. De Bill kënnt eraus.*

Delinquent hudd Dir nach e läschte Wonsch?

*Wild Bill* Jo, Här Riichter.

*Richter* Ouh a waat dann?

*Wild Bill* Ech braicht e bëschen Zärtlechkeet! Soot zum Sheriff , hien soll mir seng Hand op mein Genéck léen, waan ëch do ënnert dem ellenen Déngen ze leie kommen.

*Richter* Mengt Dir, dir kéint hei de Geck mat eis maachen ? Sheriff und 'Arbecht.

*Sheriff* Soll ëch him dan elo d'Genéck kraulen oder nëtt?

*Riichter* Wanns'du eppes zevill hues, da maach dat roueg.

*Sheriff* Oh du Neischtnotz. Has du gemengt ëch géif dat nett mierken? Ech soll dir d'Hand op d'Geneck lé'en dass du an där Zeit mir mein Sheriffstär kênns klauen? Nëtt mat mir Fréndchen. Do muss awer schon een méih fréih opstoen fir en Mathew Killen unzeschmieren. Sou da komm mol mat.

*De Sheriff féiert hien bei d'Guillotine, den Delinquent sëtzt sëch drop a leet de Kapp op de Bock*

*Richter* Henker walte deines Amtes! *De Sheriff léist d'Guillotine aus, d'Beil fällt , bleiwt awer knapp iwert dem Kapp hänken.*

*Sheriff* Non di Bleu! Dat kënnt dervun wann Dir eis ëmmer déi bëllegste Guillotine kaaft, déi se bei Neckermann am Katalog hunn.

*Richter* LO musse mir deen och nach laafe loossen. Ech pakken et nëtt.

*De Sheriff hëlt de Bill vun der Guillotine;deen verfuust sëch huerteg aus dem Office. während de Richter weider schwätzt richt de Sheriff d'Guillotine nees op.*

*Richter* Mister Vanderbelgique. Dir sidd de läschten. Fir waat entscheed Dir Iech, fir d'Käppen oder d'Erschéissen? Dir wëllt dach elo sëcher och gekäppt ginn?

*Vanderbelgique* Mat dem onsëcheren Déngen do? Neen .merci ëch ginn ëmmer op Nummer sëcher . Kuckt hei.

*Hien hiewt sein Gillet op a weist op sein T-Shirt mam LaLuxembourgeoise.*

Well La Luxembourgeoise, zu gudder Lescht, dach déi Bescht. Duerfir, " Ich

geb mir die Kugel"

*Riichter* — Da kommt eraus. Sheriff loost den Delinquent aus der Zell. *De Sheriff hëllt den Décke Schlëssel a spert op. De Jean Vanderbelgique kënnt eraus.*

Delinquent hudd Dir nach e läschte Wonsch?

*Vanderbelgique* — Jo ëch wëll nach eng läscht Fritt iessen.

*Richter* — Sheriff, da macht Dir den Delinquent alt färdeg, ëch gin déi aner Seit an de Saloon him eng Fritt sichen.

*De Richter geet of, de Sheriff hëtt de Jean mat bei d'Mauer, verbënnt him d'Aen an spéngelt him eng Zielscheiw op d'Broscht. Da kënnt de Richter eran a stëcht dem Jean eng Fritt an de Mond.*

*Richter* — Sheriff op är Plaatz. *Dee stellt sëch op, hëlt sein Revolver eraus leet un an zielt;*

*Richter* — Delinquent, wëllt dir nach eppes soen?

*Vanderbelgique* — Vive le Luxembourg et la Belgique et vive les friteuses électriques

*Richter* — Exekutionskommando: Feier frei! *De Sheriff dréckt of, de Jean fâllt ëm an un der Mauer wou hien gestanen hat ass en dëcken roude Fleck. ( op enger Stéck Tapéit wou en Mann drop gemolt ass , déi hung schon do, an de Sheriff huet him heemlech de ketchup op de Réck gemacht wéi hien e bei d'Mauer gestallt huet.*

*Assistent* — Kittchen eent, déi éischt, zweeten Deel, Schluss. *hien schnappt mat senger Klapp zou.*

*Regisseur* — Sou Kanner, dat do ware bombastico. Lo geet ët duer fir haute. Mir hale op. Muer um achte Auer geet et weider.

*De Sheriff, de Richter an den Assistent ginn eraus. Den James schreiwt nach ëmmer.*

*Regisseur* — Daje du gefällt et Dire sou gudd enge Doudege ze spille. Stéih ope. Feierowend.

*hien geet bei de Jean a pakt hien un,*

Madonna mia! Nëtt schon erêm enge richtege Doudege. A watt soll de Signore Kommissario nees vun mire denken? *Den James hëllt d'Handschellen eraus a geet op den Ennio lass.* James du mêchs enge Fehler, sou enge Bracelet hun ëch e nëtte gäre, déi passte guer nëtte bei menge Teint. *den James fesselt den Ennio a féiert hien of.* ***Rido.***

## 3ten Akt

*De Rido ass nach zou, d'Luuchten am Sall ginn aus. Wann et am Sall roueg ass, héiert een hannert dem Rido eng Diir opgoen, eng kleng Luucht geet un an den Assistent kënnt eran mat den 2 Techniker an dem Kameramann.*

*Assistent* — Kanner allez hopp. Watt ass dat hei fir e verschlofene Betrieb. Elo ginn d'Ärm eropgekrempelt an ugerapt. Hei Dir 2 do, maacht emol d'Fënsteren op. *Doropshin geet de Rido op .* Allez an du gëss och nëtt bezuelt vir dekorativ an der Landschaft ze stoen. Hopp; mach emol Luucht heibannen, datt mir ukommen.*En Techniker geet hannertd 'Bühn an d'Luucht geet un.* Veroooona?

*Verona* — *kënnt gelaaft* Ja Stevie?

*Assistent* — Verona, ruff se mol all hei an de Studio. Ech hun eng wichteg

Kommunikatioun ze maachen, déi Iech all eppes ugeet.

*d'Verona geet eraus. D'Techniker kniwwelen un 'Kamera an Beleuchtung. den Assistent geet bei de Regisseursstull, kuck't en ganz zefridden, rëckelt en e bës'chen hin an hier a setzt sëch schliesslech ganz breet dran a leet d'Féiss op den Dësch. Iwerdeems kommen se all eran, d'Verona, d'Lollo Ferraira, de Wild Bill,* den Sheriff, *d'Techniker.....den Doc, de Riichter, de Pianist, an de Grand Kill*

*Assistent* Dir Herrschaften! Dir wësst jo alleguer waat hei geschitt ass. Ëch sinn, wéi Dir sëcher och, déif erschüttert nëtt nëmmen iwert den trageschen Doud vun eisen 2 Kollegen. Neen och dem Här Makkaroni sei Verrot un eis , an eiser Arbecht dreckt mëch schwéier. Nodeems datt de Komissär gëschter owend eisen ale Regisseur verhaft hat, stung eise ganze Projet um Spill. Ëch hun direkt mat eisem Produzent geschwaat, an hien war ganz menger Meenung, datt eise Film misst onbedéngt färdeg gemacht ginn.

*Sheriff* Ouh, a wien soll dann lo hei Regie féieren, wou den Ennio am Bing ass? Hien hat jo de gréissten Deel vum Dréihbuch selwer erfonnt. Do gëtt dach sou liicht keen aneren der mat eens.

*Assistent* Ah, den Mister Money-maker, eise Produzent huet awer schons en Ersatzmann fonnt fir de Regisseursposten ze besetzen. E ganz kapable Mann sot hien.

*Wild Bill* Oh freck, a wéi een Mätschert soll dat da sinn, deen sou geckeg ass, fir dem Ennio sengem Chaosfilm nach zou engem erträglechen Enn ze verhëllefen?

*Assistent* Ma dann hal Dëch emol un. Du stees virun Dengem Neien Chef. Ëch sinn deen Mätschert. *Alles ass entssat a rësselt de Kapp.* Ëch hun dem Mister Money-maker versprach, de Film an e puer Wochen oofzeschléissen. An nëtt nëmmen daat. Ëch hun him esouguer zougesëchert, d'Produktiounskäschten géifen nach gesenkt ginn.

*Alles ass ausser sëch*

*Richter* Superiddie. A wéi soll dat dann nach goen. Hei ass dach schon un allem gespuert ginn. Hei datt mir lauter sou dënn Acteur'en sinn dat ass bestëmmt och nach express gemacht. Da brauchen se manner Film fir d'Leit alleguer drop ze kréien. A wou wëll's de dann bei esou Bedingungen nach eppes spueren?

*Assistent* Mais ganz einfach. Un Äere Peien .

*Richter* Elo geet et awer duer. Wëlls de lo och nach engem plakeschen eppes aus der Täsch huelen.? An iwerhaapt ass eis Pei an eisem Arbechtskontrakt festgeschriwwen. Dat hat den Ennio gutt gemacht. Do kanns Du guer neischt méih fréckelen.

*Assistent* Ou, da schneid Dëch alt nëtt. Ären Arbechtskontrakt, mat weem haat Dir deen da schons méih ënnerschriwwen.

*Richter* Ma, mach Dëch dach nëtt wéi eng Laus ënnert engem Roff. Dat wees Du dach, mam Ennio, wéi's Du dach och.

*Assistent* *hëllt triumphéierend eng Zeitung aus der Jackette a liest viir:*

Da lauschtert emol: "Doppelmord in Hollywood. Gestern Abend, kurz vor Redaktionsschluss kam aus dem Polizeipräsidium die Meldung, dass der bestbekannte Regisseur Ennio Makkaroni wegen zweifachen Mordes verhaftet

wurde. Als Tatmotif wurde Eifersucht angegeben. Mister Makkaroni soll heute noch dem Haftrichter vorgeführt werden"

*schléit d'Zeitung zou*

Souweit zum Här Makkaroni. Wat mengt dir wuel, wat e Kontrakt wärt ass, deen mat engem Kriminellen, engem zweefache Märder geschloss ass?

*Wild Bill* — *klenglaut* oh freck den wärt alt sou vill wert sinn wéi mengem Boop seng Zänn déi ëch wollt um Flouhmaart verkaafen.

*Assistent* — Gudd gesinn. Also, dier sidd heimatt alleguer entloos.

*allgemengt Gejeitz aProtester*

*Assistent* — Mais, et ass een jo keen Onmënsch. Dobannen am Büro vun der der Joffer Feldmaus leien nei Kontrakter fir Iech. Ëch hu schons ënnerschriwwen. Wien wëllt mat derbei sinn wann **mein** groussen Cowboys-Film färdegt gemacht gëtt, deen soll huerteg ënnerschreiwe goen. D'Pei ass zwar ëm 20 % méih kleng, mais duerfir ass Iech éiwege Ruhm sêcher. Well virun mei Film kënnt en ordentleche Viirspan mat mengem Numm an och matÄrem. *Alles trëppelt decouragéiert aus dem Raum, d'Verona ass dat Läscht..*

*Assistent* — Verona?

*Verona* — JO, waat ass?

*Assistent* — komm emol méih no. .....*hat kënnt lues a schei* méih no wéi daat.... ja , sous ass et gutt. Komm mol hei bei Mëch op de Schouss, ja sou ass et fein.

*Verona* — Stevie, ech wees nëtt, ech fannen dat nëtt gudd esou, wat sollen déi aner vun mir denken?

*Assistent* — Waat déi aner vun menger Assistentin denken, daat soll meng Suerg sinn. Ech Wärt deene Pateeskäpp do schons soen waat sie ze denken hunn!

*VErona* — wéi deng Assistentin?

*Assistent* — maja, lou wou ëch Regisseur sinn, kann ëch jo nëtt och nach mein eegenen Assistent sinn. An duerfir kriss Du déi wichteg Charge. Du bass dann déi riets Hand vum neie Stär um Regisseurshimmel, dem Steven Spielball. Ass dat dann neischt?

*Verona* — *ziert sêch* dach, awer;;;;

*Assistent* — Awer waat? Dat ass déi Chance vun Dengem Liewen. Hollywood leeft voll vun Meedercher déi égal waat géife maachen fir déi Plaatz ze kréien. Hei du brauchs nëmmen jo ze soen, an e bëschen méih léif mat mir ze sinn; fänkt un him um Réck ze kriwwelen .

*Hatt sprëngt op an heet dem Assistent eng op de Baak. Jhust an deem Moment kennt d'Lollo Ferraira ran a gett Zeien vun der Kläpperei.*

*Verona* — Hal deng schmiereg Fangeren bei Dir .Waat bilds Du Dir an? Mengs De nëmmen well's Du lo hei de Chef bass, kanns Du hei drënner fueren wéi de King Louis perséinlech? Si mer dann hei an enger Bannanerepublik gelannt oder am Geckenhaus?

*Assistent* — Verona, dat do wärts du mir béissen!

*Verona* — Ouh wéi dann . Muss ech lo eng Roll iwerhuelen an een spillen deen erschoss soll ginn, datt nees de groussen Onbekannten d'Kugelen vertauschen kann

?

*Assistent* Meedchen dong Uecht waat's de sees. Wann's Du mëch nach weiderbeleidegst dann wärd ëch derfir suergen , dass Du deem Prisongsschësser vun Ennio därfs am Bing Gesellschaft leeschten. Iwerhaapt, huel deng Siwesaachen a geih denger Wee. Du bass entloos; ëch fannen schon nach eent waat dankbar wärt sinn fir déi Plaatz Et ginn jo souwéisou vill méih Fraen wéi Männer op der Welt, Verona. Wees Du och firwaat?

*Verona* Neen , keng Ahnung;

*Assistent* Ma well et vill méih ze botzen wéi ze denke gëtt.

*Verona geet rosen eraus, an den Assistent geseit d'Lollo do stoen*

*Assistent* Kuck nëtt esou blöd; Iwerehaapt, Du bass elo meng Assistentin. Géih mol déi ganz Sippschaft do sichen, datt mir ukommen. Et Gëtt Zeit datt mol Schwonk an de Buttek kënnt.

*Hatt geet eraus a kënnt direkt nees mat der ganzer Trupp Erëm*

*Assistent* Sou ët feelt eigentlech u Filmmaterial nëmmen nach déi grouss Schlussszene am Saloon zu Santa Fee. Technik, hopp riicht Dir emol d'Saloonsbühn op. Acteuren gidd Iech färdeg maachen, mir dréien an 3 Minuten.

*d'Techniker droen d'Saloonsdekoratioun eran. e Comptoir, mat Fläschen a Glieser, e Piano en Hocker, en Dësch mat 2 Still un deem Kaarten gespillt ginn, an deen sou präparéiert ass, datt d'Been no enger Seit ewechklapopen wann een dropflitt. e Kleederstänner.*

*Assistent* Also Kanner ech hoffen mir hun keen Staatsbeamten derbei, well elo muss et firun goen. Mir dreien nämlech elo zwou Szenen hannerteneen!!!!!

Dir wesst jo datt eisen Budget zimlech knapp ass, an duerfir mussen mer elo an der nächster Szene direkt eisen Dialog ob Englesch an ob Letz. obsoen, well mer esou keng Ennertitelen brauchen an den Film soumatt mei belleg gett.

*Szene spillt am Saloon. Barkeeper hannert der Bar, Wild Bill firdrun mat engem Whiskey am Grapp. Villeicht e puer Statisten.*

*Obemol kennt den Jack the Ripper eran, dem –Little Smith sain Bruder!!*

*Lolo Ferraira* *spréngt mat der Klapp virun d'Kamera a rifft*

Saloonszene, 2 déi éischt! *a klappt zou Musek setzet an de Pianist mëcht wéi wann en géing spillen ( Musek, Oerchestratia) wann d'Musek färdeg kennt den Ripper / Grand Killer eran.*

*Ripper /Grand Killer* Hey Bill you asshole, you killed my brother!

-Endschellegt Här Bill, ech mengen bei ierch wier ech eventuell un der richteger Address, wann ech erausfannen weilt, ween mei Bruder embruet haett.

*Bill* -Fuck off man , I haven't done that shit!

-Neen, et deet mer leed, mee leider sin ech net dei Persoun em dei et sech hei handelt. Do muss eng Verwiesselung firleien.

*Hien dreit sech em an wellt goen*

*Ripper* -Hey Pussy, I'm still talking to you and I haven't finished yet so stay the fuck

here.

-Endschellegt, leider haett ech ower nach e puer Froen, duerfir wier ech Ierch dankbar , awer just wann et ierch net zevill disturbeiert, wann der mer nach e bessen vun aerer kostbarer Zait zouwenden keint.

*Bill* -Shut up man, leave me alone, or I'm gonna kick the shit out off your ass!

-Leider sin ech verhennert an hun keng Zait , duerfir wier ech ierch ganz dankbar wann der gifft Versteestemech obbrengen fir meng Situatioun. Am viraus soen ech ierch schon merci.

*Ripper* -Oh, I' m shacking in my boots

- Jo, mee dei Saach betrefft mech wirklech ....

*Assistent* Stop, stop, daat doten ass jo grausam. Weieen Analphabet huet dei Iwwersetzung

do geschriwwen, do stemmt dach guer naischt. Oh, mamm oh mamm, et ass jo net ze gleewen.

*Keen aentwert*

*Assistent* Dajee, ech waarden. Asou dei betreffend Persoun ass och nach en Feigling, oh waard wann ech deen an't Fangeren kreien.

*Lolo trett no fir , kuckt woer öngstlech*

*Lolo* Em, Här Regisseur, daat wor dir!!!!!

*Assistant* Ah, em, also ech wollt jo soen daat keint jiddwerengem eng Keier passeieren

Also dann maan mer einfach elo mat enger anerer Szene weider!!!!!

Sou ët feelt eigentlech u Filmmaterial nëmmen nach déi grouss Schlussszene am Saloon zu Santa Fee. Technik, hopp mir dréien.

Allez, dawai, dawai , Bewegung Herrschaften. Mir sinn hei Nêtt bei der Amiperas Oh mei waat ass dat awer eng Hëtzt heibannen. Ech loossen d'Heizung mol méih kleng dréien, do kann ëch nach e puer Dollar spueren.

*De Regisseur deet seng Jackette aus geet op d'Bûhn an hänkt se un de Kleederstänner D'Acteuren kommen eran, de Barkeeper, de Pianist, de Riichter, den Doc, de Wild Bill. De Richter an den Doc sëtzen sech un den Dësch a fänken un mat der Kaart ze spillen. De Pianist setzt sêch u sei Piano) de Wild Bill steet lässeg um Comptoir e Glas Whisky an der Hand. Kamera mann an Beliichter sin op hirer Plaatz*

*Regisseur* Opnahm!

*Kameramann* Opnahm leeft

*Lolo Ferraira* *sprëngt mat der Klapp virun d'Kamera a rifft*

SaloonSchlussszene, 3 déi éischt! *a klappt zou Musek setzet an de Pianist mëcht wéi wann en géing spillen ( Musek, Oerchestratia) wann d'Musek färdeg ass seet de Bill*

*Wild Bill* ëch hätt gär e Mac Farmer. *De Barkeeper Gëtt himm irgendee Kichelchen, de Bill beist dran a seet*

Dat do ass awer keen Mc Farmer

*Barkeeper* Dir sidd jo hei och nëtt bei Mac Donalds

*Wild Bill* geet bei de Pianist a seet:
Eih Pianosspiller mat den ageschloenen Zänn, Du séngs mir elo direkt d'Lidd "La Paloma"

*Pianist* Wéi dann, du mengs mëch dach awer nett. ëch hun dach keng ageschloen Zänn!

*De Bill hëllt mat der Fauscht aus an heet dem Pianist eng an d'Fiselminn dobei gëtt ët en déckt Geraisch vun hannert der Bühn, (et schléit een mat engem Bengel op e Stapel Zeitungen)*

*Pianist* Ma Pamoma ohee....

*D'Dir vu riets geet op, an de Grand Kill trëtt ganz lues eran. Hien kniwwelt un engem Mars a seet*

*Grand Kill* Des Glückes Glanz erstrahlt ; und schaut auf mich hernieder. Führt mich zu sich empor , dort klingen tausend Lieder.

*Doc* Ich bin entzückt!

*Grand Kill* Danke! *geet bei de Comptoir a kuckt ganz eiseg de Wild Bill un, deen sei Whisky drénkt Musek setzt zn ganz spannend evt aus high noon.?* Wann d'Musek eriwer ass seet de Wild Bill zum Barkeeper:

*Wild Bill* Wat steet dann do fir eng dreckeg Stenkeg Rat ? An sou e Pak leiss Du hei eran?

*Grand Kill* zum Wild Bill: Héi Gringo, dëss Welt ass ze kleng fir eis zwee. Botz Blaat a géih bei der Daiwel.

*De Grand Kill geet op de Wild Bill lass, hëlt hien beim Colle an moult him eng riicht op de Känki. ( Geräusch nëtt vergiessen) De Bill flitt op den Kartendêsch, denn duerfir Präparéiert ass an deen mat him ëmfällt Den Doc an de Riichter falen evt mat ëm . De Grand Kill geet lues op d'Diir laas de Bill steet op a geet hannendrun an heet him eng datt hein widder de Kleederstänner flitt. den fällt ëm an de Sall eran. Et muss esou gemacht gin, datt aus der Jackette 2 Patrounen ( op manst eng ) op de Buedem rullt.*

*Assistent* Meng Jackette!

*Grand Kill* a waat ass dann dat elei?

*Wild Bill* Ma, dat sinn dach 2 Platzpatrounen. *hiewt se Op an hällt se an der Hand*

*Doc* Wéi dann, ëch duecht, der wären der nëmmen 2 hei gewiecht?

*Assistent* Denk nëtt souvill, iwerlooss dat de Pärd, déi hun méih e grousse Kapp , gëff mir déi Kugelen séier hei hin.

*Richter* Moment emol , wann dat doten 2 Platzpatrounen sinn déi aus dem Steve senger Täsch gefall koumen;

*Wild Bill* dann heescht dat, jo , datt hien et war, deen déi 2 Kugelen vertauscht hat.

*Richter* an den armen Ennio ass an de Verdacht komm, fir datt déi Panz hei op de Regisseursstull ka kommen.

*Den Assistent spréngt op de Bill lass , reist him d'Kugelen aus der Hand a wërft se zur Fënster eraus a kuckt eraus*

*Assistent* Sou, déi sinn fort. Do ënnen ass lo grad en Zuch mat Schrott laanscht gefuer, do sinn se dra geflattert. Déi bréngt keen Iech méih erëm. Elo hudd Dir guer keen Beweis méih géint mëch an der Hand. An waat soen mir dann elo? Kënne mir elo villeicht nees zur Tagesordnung zeréckkommen , oder dreemt

Dir nach ëmmer dervun mëch ze iwerféieren ?

*Kameramann*

Här Regisseur? Waat ass dann lo ? Dir hudd nach ëmmer neischt gesot datt ëch soll ophalen ze filmen? Muss ëch dann dat ganzt Gestreits hei wirklech matfilmen?

*Alleguer zesummen aus engem Mond:*

Du Goldjong, hien huet jo alles gefilmt.

*Richter*

Mein léiwe Regisseur, lo hänks de mat de Weck! Mir hun dein Geständnis op Film. De Kommissär wärt Dir bestëmmt en Oskar duerfir ginn. Kommt mir ruffen hien gleich un.

**Rido**